Association Nationale des Infirmières
et Infirmiers du Luxembourg (ANIL)
7, rue Thomas Edison
L-1445 Strassen

Madame Paulette LENERT
Ministre de la Santé,
Ministre déléguée à la sécurité sociale
et
Monsieur Jean-Claude SCHMIT
Directeur de la santé
Allée Marconi - Villa Louvigny
L-2120 Luxembourg

Luxembourg, le 20 avril 2020

# OBJET: FLEEG AN DER COVID-19 KRISE

## Positioun vun der ANIL

Madame Ministesch, Monsieur Directeur vun der Santé,

Mir wëllen Iech e grousst Kompliment ausschwätzen fir déi professionell Gerance vun dëser erausfuerderender Situatioun. **Gäeren géingen mir eis Ennerstëtzung ubidden! Fir d'Potential vun der Infirmière an dem Infirmier an der aktueller Krise nach besser anzesetzen, wëllen mir dës wichteg Fuerderungen un Iech richten!**

## Fuerderungen vun der ANIL wärend der COVID-19 Krise

Enn Mäerz huet d'ANIL sech mat anere Beruffsverbänn aus Taiwan, Italien, Spuenien an der Schwäiz iwwert déi aktuell Erausfuerderung ausgetosch. Zousätzlech stinn mir am enken Kontakt mat dem europäeschen (EFN) an internationalen Beruffsverband (ICN). Déi vum ICN ausgeschafften Lescht vu Prioritéiten[1] an der aktueller Krise hunn mir op de Lëtzebuerger Setting adaptéiert.

**Am Interesse vun der Sécherheet vun den Infirmièren an Infirmieren zu Letzebuerg sowéi vun der Gesellschaft wëlle mir dowéinst op d'Noutwändegkeet vun den folgenden Mesuren hiweisen:**

[1] ICN (2020). International Council of Nurses highlights top priorities to beat COVID-19. URL: https://www.icn.ch/sites/default/files/inline-files/PR_15_ICN%20COVID%20Top%20Priorities_LW%20edits_FINAL.pdf

1. Reegelung zum **Schutz vun vulnerabelem Fleegepersonal**[2] duerch d'obligatoresch Aschränkung vun hirem Asaz bei Leit mam COVID-19.
2. **Sécherstellung vun der Gesondheet an der Sécherheet** vum Fleegepersonal, déi gefährt gëtt duerch feelend Schutzmaterial, Erschöpfung duerch déi 60 Stonnen-Wochen oder Dehydratioun.
3. **Sécherstellung**, dass d'Aarbeschtszäit nemmen dann op **60 Stonnen/ Woch** erhéigt gëtt, wann keng Reserve Sanitaire disponibel ass.
4. Grënnung vun engem **mobillen Grupp vu Gesondheetsberuffler mat enger Expertise am COVID-19 ennert der Responsabilitéit vum Gesondheetsministère**, déi bei positiv getestetem Fleegepersonal aushëllefen kennen. E sécheren an effektiven Asaz vum Fleegepersonal an de Beräicher mat engem groussen Besoin an enger héiger Komplexitéit ginn esou garantéiert.
5. Ausschaffen vun enger **nationaler Guideline zur Fleeg vun Leit mat COVID-19,** adaptéiert fir déi ënnerschiddlech Beräicher an Form vun engem „Plan de soins type/ Standardisierte Pflegeplanung"[3]. Dëst erlabt dem Fleegepersonal onofhängeg vun hierer Aarbeschtsplatz Patienten mam COVID-19 evidence-baséiert ze versuergen.
6. Ausschaffen vun enger **nationaler Guideline a Formatioun zur Duerchféierung vun de PCR-Oftstrecher**: D'Roll vun der Infirmière an dësem Beräich ass net kloer definéiert. Memberen hunn eis gemellt, dass si obligéiert goufen ouni Firkenntnisser Ofstrecher bei de Betraffenen duerchzeféieren. Grondsätzlech stellt sech d'Fro, ob d'Infirmière/ den Dokter ouni speziell Formatioun d'Kompetenzen fir esou en Ofstréch huet wéint dem Risque vun engem Falsch-Negativen Resultat.
7. Reegelung an **Erméiglechung vun der Stierfbegleedung duerch Familljememberen** vun engem Betraffenen mat COVID-19 an enger Institutioun: Obwuel dëst net obligatoresch ass, verbidden vill Institutiounen d'Uwiesenheet vun Familljememberen wärend dem Stierfprozess. Et kann een sech nëmmen virstellen, wéi schlëmm et fir de Stierwende an déi Hannerbliwwen ass vun hirem Familljemember getrennt ze sinn an hinnen/him net perséinlech Äddi soen ze kennen. D'Spéitfolgen heivunner sinn net ze ënnerschätzen. Äddi soen iwwer Skype, wéi dëst ënner anerem vum CHL beschriwwen gëtt[4], stellt fir eis keng Alternativ duer.
8. Encouragéieren, entwéckelen an ënnerstëtzen vu **neien innovative Fleegeversuergungsmodeller**: Bspw. E-Health/ Teleconsultatioun vun Infirmièren zur Ennerstetzung bei der Emsetzung vun de Recommendatiounen (Isolatioun, zesummen wunnen mat vulnerablen Persounen,...); Iwwert d'Krisenzäit eng Erweiderung vun den Attributiounen vun Infirmièren mat mind. 5 Joer Beruffserfarung a verdéiften Kenntnisser bspw. an der Wondfleeg,... ; präventiv Hausbesich vu Betraffenen mat engem Risiko vun enger Ënnerversuergung; Asaatz vun Community Health Nurses déi bei der Gemeng oder beim Staat ugestallt sinn an d'Adhärenzbspw. vun der Exit-Strategie aus dem Confinement an den Gemengen mat begleeden, Bewunner berooden,...
9. Ausnotzen vum vollen Potential vun der Fleeg an dem **Chief Nursing Officer**: An der Cellule de Crise gëtt et een Aarbechtsgrupp zur d'Laangzäitfleeg wou den Chief Nursing Officer onbedingt seng Platz muss kréien. Eng aner Persoun, déi als Ënnerstëtzung fir d'Fleeg an der Direction de la Santé ugekënnegt gouf, ass wärend der Krise net fir d'Fleeg zoustänneg mä fir déi medezinesch Organisatioun. Mir verstinn, dass et momentan eng Krisesituatioun ass an wëlle keng Virwërf maachen. Me fir den erfollegräichen Emgang mat der momentaner Krise muss d'Potential vun der Fleeg am Leadership, besonnesch waat d'Gesondheetspromotioun an d'Krankheetspräventioun ugeet effektiv agesaat ginn. Dëst geet och aus dem internationalen Rapport zur Lag vun der Fleeg (State of the World's Nursing Report - 2020[5]) vun der WHO an Partner erfier. Och gouf en *coordinateur national du corps médical* nomminéiert. Mir sinn der Iwerzeegung, dass dës Krise enorm dovunner profitéieren géing, wann déi fleegespezifesch Problematiken vun enger

---

[2] Laut den KollegInnen aus Italien handelt et sech bei 9% vun den Infektiounen em Gesondheetspersonal. An Spuenien läit desen Chiffer bei 15% (Stand: 27.03.2020).
[3] Dokument waat d'Handlung vun der Infirmière guidéiert. Et enthält mat der Krankheet verbonnen Fleegediagnosen, méiglech Zielsetzungen an Moosnahmen.
[4] Weider Informatiounen heizou. https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/eng-leschte-keier-addi-soen-iwwer-skype
[5] WHO (2020). State of the World's Nursing Report – 2020. URL: https://www.who.int/publications-detail/nursing-report-2020

Persoun mat Kompetenzen an der Fleeg coordinéiert géingen gin! Mir fuerderen dowéint onbedingt den **Chief Nursing Officer an d'Arbechtsgruppen zur Fleeg ze integréieren an zum Coordinateur National des Professionels de Santé ze ernennen!**

10. Entwéckelen an Implementéieren vun enger **COVID-19 Gesondheetsstrategie** mat aktiver Bedeelegung vun den Infirmièren an Infirmieren an der Gesondheetspromotioun an Krankheetspräventioun am Secteur extrahospitalier (Begleedung vun der Exit-Strategie, Entgéintwierke vu Fakenews, Uspriechpersoun fir Froen an Educatioun zu Schutzmoossname vun de Bierger,...).

## Rolle vun der Infirmière wärend der Pandemie

Immens villfälteg Rollen kéinten den Infirmièren/ den Infirmieren an dëser Krise zoukommen. Si si no um Betraffenen an senger Famille an daat ass hier Stäerkt. Duerch den enken an reegelméissege Kontakt mat de Betraffenen, kréien si en gudden Abléck an den Alldag. Dëst erlabt hinnen e stabilt Vertrauensverhältnes opzebauen. Den Erfolleg vun enger Therapie ass oft dovunner ofhängeg, wéi wäit de Betraffenen dës an säin Alldag integréiert kritt. D'Infirmièren/ Infirmieren sinn déi Beruffsgrupp, déi déi Betraffen dobäi ënnerstëtzt, den Alldag an d'Therapie esouwäit ze adaptéieren, dass béid déi noutwändeg Platz an hierem Liewen fannen. D'Therpapie kann doduerch wierkungsvoll ëmgesat ginn.

Per Definitioun sinn d'Infirmièren/ Infirmieren fir all d'Problemer responsabel, déi duerch eng Erkrankung wéi z.B. den COVID-19 entstinn. Jee nodeem wéi schwéier dës Problemer sinn, iwwerhuelen si des selwer wéi bspw. en ënnerstëtzend Gespréich bei Angscht virun engem positivem Testresultat. Eng Kompetenz ass och, dass si erkennen, wéini d'Problemer vun enger Persoun iwwert eng einfach Angscht erausginn an eng Ënnerstëtzung vun engem Spezialist noutwendeg ass. Si kennen den Gesondheetssystem genau an kënnen un den richtegen Partner verweisen. Dëst spillt natierlech eng wichteg Roll an der aktueller Situatioun em den COVID-19.

D'Infirmièren/ Infirmieren hunn d'Kompetenz sech schnell en éischten Androck vun der Gravitéit vum Gesondheetszoustand ze maachen an deemno ze triéieren, wien wéi schnell vun engem Dokter gesinn muss ginn. Ee vun den Grënn firwat si als Infirmière/ Infirmier de Tri agesat ginn. Och an präventiven Hausbesich kënne si sënnvoll agesat ginn. Wärend der Anamnese bei den Betraffenen doheem erkenne si déi Persounen, déi besonnesch an der aktueller Situatioun e Risiko vun enger Ënnerversuergung (bspw. Ënnerstëtzung am Alldag fir d'Akeef, Medikamenter besuergen, Ënnerstëtzung bei der Mobilisatioun an d'Bett,...) hunn. An Zesummenaarbecht mam Dokter, huelen d'Infirmièren/ Infirmieren net seelen d'Rolle vun engem „Iwwersetzer" an. Si erkläre déi medezinesch Diagnose nach eemol op eng einfach a verständlech Aart a Weis.

## Actiounen vun der ANIL

Do wou mir Problemer registréiert hunn, hu mir probéiert ze hëllefen. Eis Associatioun huet allerdings begrenzt Kapazitéiten. D'Arbescht vun eise Memberen berout op fräiwelleger Basis. D'Roll vun der ANIL während der Pandemie kann folgenderweis beschriwen ginn:

- Austausch mat eise Memberen zur Versuergungssituatioun mat Schutzmaterial.
- Informatioun vun den zoustännegen Autoritéiten fir genuch Schutzmaterial op déi Platzen ze kréien, wou duerch Memberen en Manque bericht gouf.
- Austausch mat eise Memberen zu de Besoine un Informatiounen zum COVID-19, déi net op der Säit vum Gouvernement oder sante.lu ofgedeckt sinn.
- Informatioun vun der Direction de la santé iwwert d'Themen, fir déi Recommandatiounen hëllefräich wieren.
- Bereetstellung vun héichwäertegen Informatiounen zum COVID-19 fir d'Infirmièren an d'Infirmieren op eisem Internetsite ab dem 14ten Mäerz mat méi wéi 1000 Visiteuren eleng an den leschten zwou Wochen vum Mäerz.
- Austausch mat eise Memberen iwwert erausfuerderend Situatiounen an deenen en Agräifen vum Gesondheetsministère an der Direction de la Santé noutwendeg sinn wéi z.B.:
    - Fuerderung vun enger kloerer Teststrategie a Kriterien fir den Asaz vum Fleegepersonal

    - Fuerderung vun engem Monitoring vu COVID-19 positivem Fleegepersonal
- Beäntwerung vun oder Verweis op déi zoustänneg Platzen bei Froen zum COVID-19.
- Ënnerstëtzung vum Social Distancing an den Hygienesrecommendatiounen.
- Vertrieden vum Infirmiersberuf an der Ëffentlechkeet.

Mir sinn gaeren disponibel bei Froen oder weider Erläuterungen vun eisen Iwerleeungen, besonnesch fir **d'Matwierkung an engem Arbechtsgrupp ennerhalb vun der Cellule de Crise** mam But Léisungen fir déi beschriwe Problemer ze fannen.

Mat beschten Gréiss
Anne-Marie Hanff
Présidentin

**Copie**:
Madame la Docteur Françoise BERTHET, Directeur adjoint
Madame la Docteur Anne VERGISON, Chef de division de la médecine curative
Madame Michèle WOLTER, Direction de la Santé, Division médecine curative
Monsieur Jean-Jacques REPPLINGER, Direction de la Santé, Division médecine curative
Monsieur Sylvain VITALI, FHL
Madame Pierrette BIVER, COPAS
Madame Melinda DUARTE, ALIP
Madame Nathalie NEU, ALIPS
Monsieur Jeff SCHEER, ALIAR
Monsieur Gilles EVRARD, ALEPS
Madame Jutta NOBEN, ALATMC
Monsieur Patrick FELTGEN, ANASIG